PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

LU-CIX ass een nationalen Internet exchange Point zu Lëtzebuerg, deen als Service de Schutz vu kritesch Netzer an Hosts proposéiert. D'Asbl gëtt et säit 2009. Rezent huet LU-CIX ugekënnegt, dass déi franséisch Firma Acorus Networks, déi sech op de Schutz virun DDoS Attacke spezialiséiert huet, Deel vum Netzwierk gëtt. Si hu laut eegenen Aussoen och Staaten als Clienten.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Schafft d'Regierung mat LU-CIX oder Acorus Networks zesummen? Wa jo, wéi gesäit dës Zesummenaarbecht aus?

2. Ass d'Regierung der Meenung, datt Lëtzebuerg am Domaine DDoS Scrubbing gutt genuch opgestallt ass?

3. Den deemolege Premier Xavier Bettel hat 2018 ugekënnegt, dass een "Centre national de mitigation des attaques DDoS pour les situations de crise" soll opgebaut ginn. Ass den DDoS Scrubbing am Moment schonn aktiv? Wa jo, säit wann? Wa nee, firwat net?

4. An der Äntwert op d'Fro n°522 erkläert de Premier: "Le système est conçu pour être hautement redondant et il est distribué sur différents centres de données."
   Wéi konnt et dann awer dozou kommen, dass et ongeféier 6 Stonne gedauert huet bis d'Site, fir déi den CTIE zoustänneg ass, erëm online waren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten